# Den naue Fuedem

Gemeen Wormer
Editioun 2/2019



Anne Kelsen - Sara Rinnen - Céline Max - Lara Kring - Fabienne Demuth

- Virwuert ........................................ 3
- Gemeenerot ........................................ 4 - 7
- Liewen an der Gemeen ........................................ 8 - 19
- Chantieren ........................................ 20 - 21
- Allgemeen Informatiounen ........................................ 22 - 25
- Schäffen a Gemeenerot on Tour ........................................ 26
- Kontakter........................................ 27






Martine Schmit
Schäffin

Léif Awunner vun der Gemeen Wormer,

Ech freeë mech, an deser Ausgab vum «naue Fuedem» e puer Wieder un Iech riiten ze dierfen.

Säit ville Joëren engagéiren ech mech politesch an iiser Gemeen. Als Member vum Schefferot mecht et mir vill Freed, meng Kraft an Energie fir iise Liewensraum anzesetzen.

An Zäiten vu Klimawandel schéngt et mir eng wichteg Prioritéit ze sinn, à long terme ze plangen an mat dofir ze suergen, datt iis Kanner a Kannskanner och nach weiderhin an enger schéiner a virun allem gesonder Naturlandschaft grouss ginn. Esou hunn mir zesummen mat der «Schoulgaard asbl» e flotte Gaard fir eis Schoulkanner geplangt an ugeluech; dest mam Ziel, d'Bewosstsinn vun der jonker Generatioun fir d'Schéinheet vun der Natur ze schärfen.

Meechtem an Ohn wärten demnächst un die regional Kläranlag vu Grevemaacher ugeschloss ginn. Mat disem Projet wärt et iis méiglech gin, iisen Beitrag fir eng méi proper Musel ze leeschten.

Ech well mech och weiderhinn am Klimateam engagéiren, fir Léisungen bei den schwieregen Themen an der Klima- an Energiepolitik ze fannen.

E grousse Merci geht un all déi, die dozou bäigedroen hunn, all iis Projet'en ze realiséiren. Merci och de Bierger vun iiser Gemeen fir hier Gedold, déi fir d'Realisatioun vun den zukünftege Projet'en wärt néideg sinn.

Iis Gemeen ass eng vun deene schéinste Uertschaften aus iisem Ländchen. Loosst iis dofir all zesummen drun schaffen, dass d' Awunner aus der ganzer Rieslingsgemeen och nach weiderhinn kenne houfreg drop sinn hei dierfen ze liewen.

Chères citoyennes et chers citoyens de la Commune de Wormeldange,

En tant qu'échevin de la Commune de Wormeldange, je suis fière de pouvoir m'adresser à vous dans cette nouvelle édition du «naue Fuedem». Depuis maintenant 8 ans je m'engage dans la politique sur le plan communal. Cette fonction me convient très bien car elle me permet de mettre en oeuvre des mesures très concrètes pour la protection de l'environnement et l'amélioration de la qualité de vie dans notre commune.

De nos jours on parle de plus en plus du changement climatique. Il m'importe de planifier et d'agir de façon à ce que les futures générations puissent continuer à vivre dans ce paysage manifique. Ainsi nous avons créé en collaboration avec la «Schoulgaard asbl» un grand jardin pédagogique au Billek pour que nos enfants puissent profiter du plein air tout en apprenant à prendre conscience de la nature.

Les villages de Machtum et d'Ahn seront bientôt raccordés à la nouvelle station d'épuration régionale de Grevenmacher. Avec ce projet notre commune contribue à améliorer la qualité des eaux, notamment de la Moselle.

Au sein du «Klimateam» de la commune je m'engage pour trouver des solutions aux problèmes complexes de la politique climatique et energétique.

Mais finalement j'aimerais adresser un Merci à tous ceux qui contribuent à la réalisation et au succès de tous ces projets. Un grand merci aussi à tous les citoyens de la commune pour leur soutien, qui sera nécessaire pour la réalisation des futurs projets.

Notre commune est sans doute une des plus belles du Luxembourg. Ainsi je vous invite à contribuer tous à nous rendre fièrs de vivre dans la commune du roi Riesling.

# Gemeenerot vum 13. Februar 2019

**Présent:**

Buergermeeschter: Hengel Max

Schäffen: Ast Mathis, Schmit Martine

Gemengerot: Pundel Claude, Kring Marc, Kohll Martine,Becker Armand, Beckius Marc, Steffen Philippe

**Entschëllegt:** /

**Gemengesekretär:** Jean-Jacques Hellers

1. Kommunikatioun iwwer de rektifizéierte Budget 2018.(Artikel. 124 vum Gemeenegesetz). De Minister huet keng Beanstandungen an huet de rektifizéierte Budget 2018, sou wéi de Budget fir d'Joer 2019 accordéiert. Dëst huet de Buergemeeschter dem Gemeenerot matgedeelt.
2. Geneemegung vun zousätzleche Recetten. De Gemeenerot geneemegt zousätzlech Recetten an Héicht vun 3.097.598.47€.
3. Geneemegung vun de Pläng, sou wéi och dem Devis zwecks der Ariichtung vun enger Touristewunneng am „Casinostuerm" zu Éinen.
4. 4. Erneierung vun der Konventioun tëscht der Gemeen an dem Här Modert-Kerschen Josy fir d'Ëmsetzung vum PAP „an der Treil" zu Meechtem
5. Geneemegung vun der Konventioun tëscht der Gemeen an den Hären Duhr Jean/Graf Josy fir d'Ëmsetzung vum PAP „rue de Niederdonven" zu Ohn.
6. Geneemegung vum PAP „Nëttelratt" zu Ohn tëscht der route du Vin an der rue des Vignes.
7. Geneemegung vum PAP „Häregoard" um Wuermer-Bierg lanscht den CR122a (rue Hiehl).
8. Erneierung vun de Grafkonzessiounen, déi 2004 fir 15 Joër verlängert goufen.
9. Stellungnam vum Siden/Sidest betreffend staatlech Hëllefen.
10. Punktuell Upassunge betreffend dem Verkeiersreglement vun der Gemeen.
11. Geneemegung vun extraordinäre Subsiden. De Gemeenerot huet verschidde Veräiner en extraordinären Subsid accordéiert.

FLEK Lëtzebuerg Asbl huet e Subsid vun 100€ kritt, fir hiert Engagement fir Kanner déi placéiert gi sinn;

Groupe Cynotechnique Asbl huet e Subsid vun 100€ kritt fir hier Aarbecht ze ënnerstetzen;

De Sportslycée huet e Subsid vun 100€ kritt fir d'Organisatioun vum ISF-Basketball World Schools Championship ze ënnerstetzen, déi vum 12.-20. Abrëll 2019 zu Heraklion stattfonnt hunn an wou den Här Mathis Hippert, Student vun Ohn dru bedeelegt war;

MEMO SHOAH Luxembourg Asbl huet e Subsid vu 50€ kritt fir d'Gedenke vun d'Shoa zu Lëtzebuerg oprecht ze erhalen;

Association Luxembourg Alzheimer Asbl huet e Subsid vun 100€ kritt fir sech kënnen em d'Leit ze këmmeren déi Demenz hunn;

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren Maacher Asbl huet e Subsid vun 100€ kritt fir d'Organisatioun vum 45. Landjugenddag zu Berbuerg.

12. De Gemeenerot huet decidéiert een neie Posten als Elektriker ze schafen.

13. Demande fir de Wiessel an d'Carrière A1.





# Gemeenerot vum 3. Abrëll 2019

**Présent:**

Buergermeeschter: Hengel Max

Schäffen: Ast Mathis, Schmit Martine

Gemengerot: Pundel Claude, Kring Marc, Kohll Martine,Becker Armand, Beckius Marc, Steffen Philippe

**Entschëllegt:** /

**Gemengesekretär:** Jean-Jacques Hellers

1. Geneemegung vun zousätzleche Recetten. De Gemeenerot geneemegt zousätzlech Recetten an Héicht vun 2 280 318,00 €.
2. Presentatioun vum pluriannuelle Plang vun der Gemeen Wormer. De Buergermeeschter stellt de pluriannuelle Plang vir a gëtt de Memberen aus dem Gemeenerot déi néideg Erklärungen dozou.
3. Geneemegung vu verschiddenen Zousazkreditter. De Gemeenerot geneemegt verschidden Zousazkreditter beim rektifizéierte Budget 2018 esou wéi beim Budget 2019.
4. Geneemegung vun engem spezielle Kredit fir en naue Sichelmäher ze kafen. De Gemeenerot stëmmt e spezielle Kredit fir en naue Sichelmäher kennen ze kafen, deen dréngend gebraucht gëtt.
5. Geneemegung vun engem Devis. De Gemeenerot geneemegt en Devis fir d'Ënnerhaltsaarbechten un der Mauer tëscht der Hëttermillen an Éinen. D'Gemeen ass Proprietaire vun dëse Fielswänn a muss se doweinst astand halen. De Käschtepunkt vun dësen Aarbechten soll bäi em déi 150.000 € leien.
6. Geneemegung vun engem Devis. De Gemeenrot geneemegt en Devis fir d'Schmotzwaasser vum Uewerflächewaasser am "Reisselt" zu Éinen ze trennen. Dëst soll ëm déi 250.000€ kaschten.
7. Geneemegung vun engem Devis. De Gemeenerot geneemegt en Devis fir verschidden Aarbechten bei der Donwerbaach zu Ohn kënnen auszeféieren. Dës Aarbechten sollen ëm déi 400.000€ kaschten. Hei kritt d'Gemeen e Subside vun 325.000 €.
8. Den Aarbechtsgrupp Klimapakt gëtt ugesi wéi en Gemeenekommissioun a kritt dann och e Jeton ausbezuelt.
9. Geneemegung vun enger Konventioun mat der Gesellschaft Pälchesgärtchen Sarl. D'Konventioun betrëfft e PAP um Wormerberreg a reegelt verschidde Modalitéiten, déi a Relatioun mat der Realisatioun vum PAP stinn.
10. Geneemegung vun engem Notairesakt: De Gemeenerot geneemegt d'gratis Oftriede vu verschiddene Parzellen am Kader vum PAP Iewent.
11. De Gemeenerot hëlt Stellung zur Klasséierung vun enger Immobilie zu Éinen. De Proprietaire huet dës Klasséierung selwer ugefrot.
12. Geneemegung vum Verkaf vun enger Gréngsträif. De Gemeenerot geneemegt de Verkaf tëscht der Madamm Fernandes Blanco Beatriz an der Gemeen. D'Madamm keeft e Stéck Terrain zu Meechtum an der rue de Donven vun 0,22 Ar zum Präis vun 11.000€.
13. De Gemeenerot geneemegt verschidden Notairesakten: Esou keeft d'Gemeen verschidde Parzellen an der Hënneschtgaass, an der rue du Verger, an an der Kräizgaass vun der Madamm Weber, der Madamm Schmit, der Famill Linden-Altmann, der Madamm Nies, der Madame Weber, an der Famill Nogueira-Dos Santos Oliveira.
14. Geneemegung vun extraordinaire Subsiden. De Gemeenerot huet verschidde Veräiner en extraordinäre Subside accordéiert. Esou kritt Gemeen Jonglënster e Subsid 100 € fir Organisatioun vum Centre de promesse 2019 am Kader vum Télévie; Chorale Grand-Ducale Ste. Cécile Wormer kritt e Subsid vun 2.500 € fir d'Organisatioun vun der Manifestatioun "De Scholdschäin" den 13. Oktober 2019; De Fëscherclub kritt e Subsid vun 4.100 € als Partizipatioun un de Käschte vun enger Pompel.
15. De Gemeenerot geneemegt déi ordinär Subside fir 2019.
16. De Gemeenerot geneemegt en zousätzleche Poste fir den administrative Beräich vun der Gemeen.

# Conseil communal du 13 février 2019

**Présent:**

| | |
|---|---|
| Bourgmestre: | Hengel Max |
| Echevins: | Ast Mathis, Schmit Martine |
| Conseil : | Pundel Claude, Kring Marc, |
| | Kohll Martine,Becker Armand, |
| | Marc Beckius, Steffen Philippe |
| **Excusé:** | / |
| **Secrétaire:** | Jean-Jacques Hellers |

1. Communication concernant le budget rectifié de l'exercice 2018 et le budget de l'exercice 2019 ; Madame la Ministre de l'Intérieur n'avait pas d'objections à formuler.

2. Approbation de recettes ; Le conseil communal approuve les recettes pour un montant de 3.097.598,48€.

3. Approbation du devis et des plans concernant l'aménagement d'un logement touristique dans la tour du Casino à Ehnen.

4. Renouvellement de la convention entre l'Administration communale de Wormeldange et Monsieur Modert-Kerschen Josy. La convention concerne un PAP à Machtum et régit différentes modalités relatives à la réalisation de ce PAP.

5. 5Approbation de la convention entre l'Administration communale de Wormeldange et Messieurs Jean Duhr et Josy Graf. La convention concerne un PAP à Ahn et régit différentes modalités relatives à la réalisation de ce PAP. La convention doit être signée avant le début des travaux.

6. Approbation du PAP « Nettelratt ». Le conseil communal approuve le PAP « Nettelratt » à Ahn. Le PAP est destiné à la réalisation de 18 lots destinés à la construction de 22 logements.

7. Approbation du PAP « Häregoard » à Wormeldange-Haut le long du CR122a. Le conseil communal approuve le projet d'aménagement particulier portant sur des fonds sis à Wormeldange-Haut au lieu-dit «Hiel».

8. Renouvellement de concessions aux divers cimetières sur le territoire de la Commune de Wormeldange. Le conseil communal décide de prolonger pour un nouveau terme de 15 ou 30 ans aux cimetières de Wormeldange, Wormeldange-Haut. Ehnen, Machtum et Ahn aux personnes concernées.

9. Prise de position du conseil communal relatif à l'avis du SIDEN (resp. du SIDEST) au sujet des aides étatiques.

10. Avenant au règlement de circulation révisé de la commune de Wormeldange. Le conseil communal approuve l'avenant au règlement de circulation révisé du 23 juillet 2019.

11. Demandes de subsides extraordinaires:

- 100,00 € à l'Asbl FLEK Lëtzebuerg FleegeElteren an hir Kanner en tant que subside extraordinaire dans le cadre des activités pour les enfants placés dans une famille d'accueil;
- 100,00 € au Groupe Cynotechnique asbl en tant que subside extraordinaire, afin de soutenir le travail de ce groupe;
- 100,00 € au Sportlycée en tant que subside extraordinaire afin soutenir l'organisation du ISF-Basketball World Schools Championship du 12-20 avril 2019 à Heraklion, participation de Mathis HIPPERT, étudiant, domicilié à Ahn;
- 50,00 € à MEMO SHOAH Luxembourg Asbl dans le cadre de leur mission de pérenniser la mémoire de la Shoah au Luxembourg
- 100,00 € à l'Association Luxembourg Alzheimer Asbl, afin de soutenir l'accompagnement des personnes atteintes d'une maladie démentielle;
- 100,00 € à l'association Lëtzebuerger Landjugend à Jongbaueren Maacher Asbl dans le cadre de l'organisation de la 45e édition du Landjugenddag à Berbourg.

12. Création d'un poste supplémentaire de salarié à tâche manuelle. Le conseil communal décide de créer une tâche à durée indéterminée dans la carrière E pour le service technique.

13. Promotion au groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique.



# Conseil communal du 3 avril 2019

**Présent:**

| | |
|---|---|
| Bourgmestre: | Hengel Max |
| Echevins: | Ast Mathis, Schmit Martine |
| Conseil : | Pundel Claude, Kring Marc, |
| | Kohll Martine,Becker Armand, |
| | Beckius Marc, Steffen Philippe |
| **Excusé:** | / |
| **Secrétaire:** | Jean-Jacques Hellers |

1. 1. Approbation des recettes; Le conseil communal approuve les recettes pour un montant de 2.280.3180.00€

2. Présentation du "plan pluriannuel" de la commune de Wormeldange; Le bourgmestre présente au conseil communal le "plan pluriannuel" et donne les explications nécessaires

3. Demandes de modifications budgétaires/crédits supplémentaires concernant le budget rectifié 2018 et le budget 2019.

4. Demande d'un crédit spécial relatif à l'acquisition d'une tondeuse avec lame rotative pour l'entretien des terrains de football et espaces verts.

5. Approbation du devis d'un montant de 150.000,00 EUR pour l'entretien et la sécurisation des falaises.

6. Approbation du devis d'un Montant de 249.975,39 EUR concernant la pose d'une canalisation pour eaux usées au lieu-dit « Reisselt » à Ehnen.

7. Approbation du devis concernant la réfection de l'ouvrage hydraulique du Donwerbaach à Ahn. Le conseil communal décide d'approuver le devis de 397.895,36 EUR (TTC).

8. Jetons de présence à payer aux membres du groupe de travail pacte climat. Le conseil communal décide de faire bénéficier les membres du groupe de travail pacte climat des jetons de présence alloués aux membres des commissions consultatives.

9. Approbation de la convention signée entre la commune de Wormeldange et la société Pälchesgärtchen Sàrl. La convention concerne un PAP à Wormeldange-Haut et régit différentes modalités relatives à la réalisation de ce PAP. La convention doit être signée avant le début des travaux.

10. Approbation de l'acte notarié relatif à la cession gratuite entre la commune de Wormeldange et l'entreprise Ehnen Iewent S.à.r.l de plusieurs places/voiries sises à Ehnen, au lieu-dit « Rue de la Cité » dans le cadre du PAP « Iewent ». Le conseil communal approuve la cession gratuite de l'entreprise.

11. Avis du conseil communal concernant la proposition de classement de l'immeuble sis à Ehnen comme monument national. Le conseil communal décide d'aviser favorablement le classement en tant que monument national de l'immeuble sis à Ehnen.

12. Approbation de l'acte notarié relatif à la vente d'un terrain à Machtum, au lieu-dit « Rue de Donven » à Madame Fernandez Blanco. Le prix de vente pour le lot en question de 00,22 are s'élève à 11.000,00€.

13. Approbation de différents actes notariés; L'administration achète des parcelles dans la Hënneschtgaass, dans la rue des Vergers et dans la Kräizgaass de Madame Weber, de Madame Schmit, de Monsieur et Madame Linden-Altmann, de Madame Weber de Madame Nies et deMadame Nogueira-dos Santos Oliveira.

14. Demandes de subsides extraordinaires

- 100,00 € à la commune de Junglënster en tant que subside extraordinaire dans le cadre de l'organisation du centre de promesses Télévie 2019 ;
- 2.500,00 € à la Chorale Grand-Ducale Ste. Cécile Wormeldange en tant que subside extraordinaire, afin de soutenir la manifestation "Scholdschäin" le 13 octobre 2019 ;
- 4.100,00 € au Club des Pêcheurs Sportifs de Wormeldange en tant que participation aux frais de fourniture et d'installation d'une pompe afin d'aérer l'étang en été (coûts estimés à 8.326,06 €)

15. Le conseil communal approuve les subsides ordinaires.

16. Le conseil communal décide de créer un emploi communal.

## Feierlechkeeten an Sportleréierung fir Nationalfeierdaag zu Ohn











## MZF vum CIS Wormer offiziell ageweiht

Am Kader vun der Porte Ouverte vun de Wormer Pompjeeën op Christihimmelfahrt zu Éinen ass deen nauen Pompjeeswonn MZF2 offiziell agewiehen ginn an dat a Präsenz vum Här Borgermeeschter Max Hengel, dem Schäffen Mathis Ast an de Gemeenerotsmemberen Martine Kohll, Claude Pundel, Armand Becker  a Marc Beckius deen gläichzäiteg och Kompagniechef ass, dem Ortsbürgermeister vun Winchеringen den Elmar Schömann, dem Här Paschtouer Alain Steffen an dem Regionalpräsident aus dem Osten Constant Schwartz souwéi de fréieren Borgermeeschter Jean Beining.



D'Wormer Pompjeeën haaten sech niewend deem nauen Gefier, daat mat eener rout-wäiss-bloer Banderol iwwert dem Capot schéin gerescht woar, opgestallt. Den Här Borgermeeschter Max Hengel huet am Numm vun der Gemeen Wormer d'Leit begréisst an de Pompjeeën e groussen Merci ausgeschwat fir hiren Asaz am Dèngscht vun alle Bierger.

Den First Responder wär fir Gemeen Wormer an hir Awunner een wonnerbar Saach  a géif goud funktionéieren. De aalen Gerätwon GW1, un deem ëmmer ërëm Reparaturen woaren, ass och sou lues an den Alter komm. Doropshin huet d'Gemeen décidéiert de Pompjeeën disen Wôn dorch den MZF2 ze ersetzen.

Den Erny Schumacher an säiner Eegenschaft als Zenterchef vum CIS Wormer huet den Invité'en deen nauen Wôn virgestallt an der Gemeen villmols Merci gesot fir hier Ennerstëtzung. Et wäer dëst e Wôn, deen nët nëmmen bei schwéieren Accidenter, Katastrophen oder Iwerschwemmungen an den Asaz géif kommen, e Gefier wat op der Musel gebraucht géif ginn, esou den Erny Schumacher.

Desweideren huet hien e warmen Opruff gemaach sech an de Pompjeeën ze engagéieren an esou matzehëllefen, dass d'Pompjeeën vun Wormer weider kënnen hir Asäz garantéieren.

Den Här Paschtouer Alain Steffen vun Wormer huet deen nauen Wôn geseent an duerno huet de Borgermeeschter Max Hengel dem Zenterchef Erny Schumacher offiziell den Schlëssel vum nauen Gefier iwerreecht an d'Gemeen Wormer huet äinen Invité'en den Éierewäin offréiert.







Den 22 Juni 2019 huet de Pimpampel um Wormer Berreg seng offiziel Ouverture zesummen mat den responsabelen vun der Gemeen gefeiert



Remise vun der Plaquette «Sou schmaacht Lëtzebuerg» vun der Landwirtschaftskammer un d'Maison relais Billek an de Gestionnaire Sodexo






Rieslingskinnigin «on tour»: Ouverture vun derTouristesaison op der Place d’Armes um Ouschter Weekend



D’Mme Linda Wagner gouf am März 2019 zur Verstärkung vun der Gärtnerequipe am Atelier vum Service Technique vun der Gemeen Wormer fest agestallt

# Manifestatiounskalenner

14.08.2019
Vernissage vun der Kënschtler-Austellung zu Machtum, Schliikebau organiséiert vun der Entente Machtum

16.08.2019
Rock de Schleek zu Machtum op der Schliikeplaz organiséiert vun der Union des Jeunes Machtum

18.08.2019
Wäin-Schmaachen zu Machtum Village organiséiert vun der Entente Machtum

13.09.2019 15.09.2019
Riesling Open - toutes les localités organiséiert vun der Gemeen Wormer

27.09.2019
Fiederwäissenowend zu Wormer am Centre Culturel organiséiert vum Kulturveräin Wormer a.s.bl.

07.10.2019
Concert «Elegische Gesänge» zu Ehnen an der Chorale St. Cécile

13.10.2019
Operett «de Scholdschäin» zu Wormer am Centre Culturel organiséiert vun der Chorale Wormeldange





## Internationale Wertholzsubmission im « Centre nature et forêts BIODIVERSUM »

In Zusammenarbeit mit den Forstwirtschaftskollegen aus der Großregion, hat die luxemburgische Natur- und Forstverwaltung am 21. Februar 2019 den diesjährigen Wertholzverkauf in der Groß-Region abgehalten.

Bei dieser Holzversteigerung werden Holzstämme von sehr hoher Qualität unter freiem Himmel präsentiert und anschließend verkauft. Die Wertholzstämme werden im Vorfeld des Verkaufs von spezialisierten Händlern begutachtet, welche dann auch ebenfalls Preisangebote für die jeweiligen Stämme abgeben. Einige Händler bewältigen sogar über 1000km um ihr Angebot abgeben zu können.

Auch in diesem Jahr waren die Eichenholzstämme wieder stark gefragt und erstmalig war, dass dieses Jahr zum ersten Mal Eichenstämme aus dem Wormeldinger Gemeindewald angeboten und verkauft wurde.

Diese wurden zu Preisen von 1.353€ respektive 577€ Euro pro Kubikmeter verkauft; das heißt beide Stämme spülten über 12.000€ in die Gemeindekasse ein. Hervorzuheben ist hierbei der stärkste der beiden Eichenstämme, welcher einen Mittendurchmesser von 108 cm aufwies und mit einer Länge von 7.4m, ein stattliches Volumen von 6.78 Kubikmeter aufwies.

Die gewaltige Stieleiche war eine der stärksten Eichen die im Gemeindewald anzufinden war und wurde am 29. November 2018 vom zuständigen Forstdienst gefällt, was für jeden der Anwesenden ein Highlight in seiner Forstkarriere darstellte.

Ähnlich starke Eichen befinden sich immer noch im Wormeldinger Gemeindewald und werden da auch verbleiben da Sie, im Gegensatz zu den zwei verkauften Eichen, mehrere „Holzfehler“ aufweisen und somit der ökologische und landschaftliche Nutzen höher einzustufen ist gegenüber dem monetären Wert.

Es werden also auch noch in Zukunft solche Baumriesen in unseren Wäldern verbleiben und wenn unsere Nachfolger Glück haben, können dann auch in 100-150 Jahren qualitativ hochwertige Wetholzstämme verkauft werden.

Den Fieschter Eric Dimmer mat senger Equipe



**D'Kulturkommissioun**

an de

**Syndicat d'Initiative et de tourisme vun der Gemeen Wormer**

**lueden d'Kanner an déi Jugendlech an un engem**

## Postkaarten-Fotosconcours

**ënner dem Titel**

### Vakanz an der Wormer Gemeen

**Schéin a mannerschéi Plazen / Wäilies asw.**

**deelzehuelen.**

**Et sinn dräi Kategorien virgesinn an zwar :**

**Cycle 3 a 4 / Kanner vun 12 – 15 Joer / Jugendlech vun 16 – 18 Joer**

**Et mussen Fotoen aus der Gemeen Wormer sinn an zwar am Postkaarteformat.**

**Et kënne pro Kand resp. Jugendlechen 3-5 Postkaarten erageschéckt ginn.**

**Dir luet är Foto iwwert ären Smartphone op Post.lu Smart Post Card erop , kënnt se nach beaarbechten a schéckt se dann mat den Ugaben vun ärem Numm a Virnumm ärer Mailadress resp. ärem Telefonsnummer un folgend Adress :**

**Kulturkommissioun vun der Gemeen Wormer**

**B.p. 7**

**L-5507 Wormeldange**

**Als Alternative kennt Dir och är Fotoen a Postkoartenformat erausdrécken lossen oder selwer erausdrécken an un di uewegenannten Adress schécken natierlech och mat Ugab vun Numm a Virnumm, ärer Mailadress oder ärer Telefonsnummer.**

**Asendeschluss ass den 1. November 2019.**

**D'Postkaarten gi bei Geleeënheet vum Chrëschtmaart 2019 ausgestallt.**

**Eng Jury sicht déi schéinsten Postkaarten eraus an déi ginn mam Averständnis vum Auteur vervillfältegt a fir e gudden Zweck verkaaft.**

**Di bescht Postkaarten ginn mat engem Präis belount.**

**Fir weider Froen : Fernand DAX GSM : 661 26 10 52 oder John HOFFMANN GSM: 691 76 00 97**

### Information concernant le permis de pêche

Depuis le 30 avril, la procédure pour obtenir un permis de pêche a changé. Le permis de pêche peut désormais être acquis depuis MyGuichet.lu, la plateforme interactive de l'Etat pour les procédures administratives.

Le permis de pêche est également délivré dans les bureaux de l'Administration de l'enregistrement et des domaines de Diekirch, Esch-sur-Alzette, Grevenmacher et Luxembourg

### Riesling Open - EXPO

Exposition commune d'artistes de la commune de Wormeldange pendant le weekend du «Riesling Open 2019»

Maison Toussaint/
Atelier Wurth 4 rue de l'Eglise

Andres Lejona: Photographies
Hubert Wurth: peinture / collages





# De Groussherzog Jean

## (1921-2019)

De Groussherzog Jean hat eng gutt Relatioun zur Muselgéigend.

De Schäffen- an de Gemeenerot vun der Gemeen Wormer, zesumme mat alle Matbiergerinnen a Matbierger, drécken der groussherzoglecher Famill hiert déifste Matgefill aus.



Am Wengert op der Koepp bäi der Famill Mathes-Beckius




Den 23 September 1983 mat dem schwedeschen Kinnekspuer op Visite zu Inen



## Geschichtsfrënn vun der Gemeen Wormer

OPRUFF




D'Geschichtsfrënn vun der Gemeen Wormer hu wëlles am Herscht 2019 en neie Projet ze starten.

Mir wëllen en Archiv vu Wäin- a Cremantsetiketten aus der Wormer Gemeen op d'Bee stellen. Mir séichen dofir Etikette vu alle Wënzerbetriber aus der Wormer Gemeen ob se elo nach Wäin ausmaachen oder scho méi laang net méi aktiv sinn. Genee esou séiche mir och Etikette vun der Wormer Kellerei an och vum Wäinhandel an der Vinsmoselle, esoulaang et Etikette vu Wäiner aus Lagen aus éiser Gemeen sinn.

Wann dir nach al Etiketten huet oder Leit kennt, déi där hunn, da mellt Iech bei eis. Mir digitaliséieren Är Etiketten an dir kréit se nees mat heem. D'Iddi ass och am Joer 2020 een Ausstellung iwwer dëst Thema ze organiséieren, wou mir och frou wären, wa mer Originaler zur Verfügung gestallt kréichen fir ze weisen.

Melle kënnt der Iech beim President Armand Becker iwwer Mail **armand.becker@gmail.com**, Tel.: 621 387 754 oder bei eisem Archivar Robert Godart **robert.godart@wormeldange.lu.**

De Comité vun de Geschichtsfrënn seet Iech Merci fir Är Mathëllef

## Abschid vum Här Paschtouer Joseph Mathgen



De 7. Juli gouf zu Meechtem mat enger feierlecher Mass den Abschid vum Här Paschtouer Joseph Mathgen gefeiert. Zanter 2003 war den Här Mathgen Administrateur vun der Par Meechtem an ass dunn an der neier Par Musel a Syr St. Jacques als Subsidiiar täteg gewiescht.

Déi feierlech Mass gouf vum Här Regionaldechen Claude Bache zesumme mat deenen anere Geeschtlechen aus der Par gehalen. Den Här Regionaldechen ass a senger Priedegt op d'Wierke vum Här Mathgen agaangen. D'Mass gouf musikalesch vun de Choralle vu Meechtem a Wormer ënner der Leedung vum Stéphanie Schlink verschéinert. Op der Uergel huet de Josy Modert d'Choralle begleet.

Um Schluss vun der Feier hunn den Här Buergermeeschter Max Hengel an de Pierre Schill als Vertrieder vun der kommunaler Kierchefabrick dem Här Mathgen e grousse Merci fir säin Asaz gesot. Uschléissend krut den Här Mathgen och e puer Corbeillen an en I-Pad als klenge Cadeau iwwerreecht.

Den Här Paschtouer Mathgen huet sech an enger Ried, déi hie mat e puer flotten Anekdote ënnermoolt huet, de Mataarbechter aus dem Pastoralteam, der Gemeen an all de Leit Merci gesot.

D'Feierlechkeete si mat engem Patt an engem klenge Maufel auskléngе gelooss ginn.





## Rèckblèck NUIT DU SPORT 2019

organiséiert vum der Sport a Jugendkommissioun Wormer
zesummen mat de Veräiner



Veräiner déi mat gemaach hun:
Sports nautiques Mosellans Ehnen; FC Vinesca Ehnen et FC Koeppchen Wormeldange; Miseler Carreau; Sapeurs Pompiers Wormeldange; Jugendhaus Wormer; BC Musel Pikes; Tennisverein Wincheringen; Guiden a Scouten Wormer

























## Erneierung vun der route du Vin teschent Ohn a Wormer

Am Kader vun der regionaler Erneierung vun der Wäistrooss vu Waasserbëlleg bis op Schengen op Initiativ vun der Ponts et Chaussées, ass momentan den Tronçon vun Ohn bis op Wuermer an der Ausféierung.

Am Virfeld vun dësem Chantier gouf schonn d'Stëtzmauer laanscht Wéngerten tëschent Ohn a Wormer vun der Stroossebauverwaltung komplett mat Sprëtzbetong sanéiert.

Un den Aarbechten op der Muselstrooss sinn nieft der Ponts et Chaussées och den Ofwaassersyndikat SIDEST aus dem Osten an d'Gemeng als zousätzlech Bauhäre bedeelegt.


Fir d'Stroossebauverwaltung besteet de Projet haaptsächlech aus der Erneierung an dem Réckbau vun der Nationalstrooss N10, an dann awer och der Verlängerung vun der nationaler Vélospist PC 3 bis op Wormer, déi spéider nach bis op d'Hëttermille wäert fäerdeggestallt ginn. Et sinn awer och nach Reparaturaarbechten un der Bréck iwwer d'Aalbaach geplangt.


De SIDEST huet am Kader vun den Aarbechten innerorts den Ofwaasserkollekter geluecht an d'Drockleitung fir d'Kläranlag vun Ohn bis op Wormer verlängert. Doriwwer eraus ass zu Ohn momentan de Bau vun der Pompelstatioun an dem ënnerierdeschen Ofwaassersammelbecken am Gaang, dee sech nach wäert bis an d'spéit Fréijoer hinzéien, éier d'Uertschaft Ohn am Laf vun 2019 och kann un déi regional Kläranlag ugeschloss ginn.

D'Ausféierung vun den Aarbechten ass bedéngt doduerch, datt deelweis ënnert dem Waasserspigel vun der Musel huet misse geschafft ginn, méi komplizéiert ewéi bei engem normale Chantier an huet dofir och méi laang gedauert ewéi gewinnt.

D'Gemeen huet vun der Geleeënheet profitéiert an déi iwwer 100 Joer al Waasserleitung op der Säit Richtung Grevenmacher erneiert an baut doriwwer eraus innerorts e neien Trottoir op der Säit vun den Häiser an nei Bushaltestelle mat Zebrasträifen, déi de staatlechen Normen entspriechen. Doriwwer eraus gëtt an Zesummenaarbecht mat der Ponts et Chaussées d'Stroossebeliichtung komplett erneiert.

De Busarrêt nieft der Kräizung mat der rue de Niederdonven gëtt nom Alphonse Steines benannt, deem säin Heemechtshaus fréier op dëser Platz stoung, an et gëtt mat zwou Fotoen an enger Gedenktafel esou wéi enger spezieller Bänk op Ureegung vum Sportjournalisteverband hei un den Alphonse Steines erënnert, deen als gebiertegen Ohner vill Meritten als Sportjournalist huet, an deen den 22. Januar 1960 zu Paräis gestuerwen ass.












# Trockenmauern

**Definition:**
**Der Trockenmauerbau ist das Aufschichten von Natursteinen ohne Bindemittel (z. B. Mörtel) zu einer Mauer mit hoher Stabilität und von langer Lebensdauer.**

**Ein archaisches Handwerk mit viel Erfahrungswissen**

Die Entwicklung der Fertigkeit des Trockenmauerbaus entstand aus einer traditionellen Methode, deren Ursprung in Mitteleuropa bereits vor der Römerzeit lag. Ihren Anfang nahmen die Trockenmauern beim Steinelesen als die ersten permanenten Kulturen (Weinbau, Landwirtschaft, Obstbau) entstanden und die Felder von den Steinen befreit wurden. Anstatt diese zu Lesesteinhaufen zusammenzutragen, begannen die Landwirte nach und nach Techniken zu entwickeln um die Landschaft zu strukturieren und bisher unerreichbares Gelände zu erschließen.

Durch den Verzicht auf Bindemittel können die Trockenmauern sich an die Bewegungen der Erde und an hohe Temperaturunterschiede anpassen, was sie nachhaltiger macht als die oft als stabiler angesehenen Betonmauern. Die Mauern entwässern die angrenzende Fläche, vor allem bei Starkregenevents und verhindern gleichzeitig das Abschwemmen des Bodens (Erosion). Da sie ganz ohne Bindemittel gebaut sind, können die Trockenmauern ganz lokal in Stand gesetzt werden (z.B. bei Ausbauchung, Einbruch, Zerstörung der Krone, Ausbruch von einzelnen Steinen). Obwohl die Tradition der Wissensübermittlung sich im Laufe der Zeit verloren hat, finden wir heute noch eine Vielfältigkeit von Konstruktionstypen (Stützmauern, Grenzmauern, Drainage, Unterstand, Treppen, …). Allein im Großherzogtum Luxemburg findet man Hunderte von Kilometern an Mauern, das Inventar wird derzeit gemacht.


**Fauna und Flora**

Die Trockenmauer, als typischer naturnaher Lebensraum gehört zu den geschützten Biotopen und ergänzt den Lebensraum von gemeinschaftlichem Interesse „Felswandgesellschaft". Außerdem bieten die Mauern mit ihrem Netzwerk in der Landschaft einen ökologischen Korridor, der zum Schutz der Biodiversität beiträgt. Mit im Durchschnitt 25% Hohlräumen, dienen die Mauern als Habitat und Rückzugsort für eine vielfältige Flora und Fauna. Dank ihres spezifischen Mikroklimas, findet man hier eine große Vielfalt an Insekten, Spinnen, Schnecken, Reptilien, Vögeln, kleinen Säugetieren, Flechten, Moosen, Farnen, Dickblattgewächsen und Blütenpflanzen.
Verlorengegangenes Handwerk
Die Technik des Trockenmauerbaus stammt von einem handwerklichen Können das von Generation zu Generation von Weinbauern/Landwirten weitergegeben wurde. Durch die Aufgabe der Nutzung, ist dieses Wissen nach und nach verloren gegangen. Die terrassierten Weinberge wurden aufgegeben und sind durch das Aufkommen von Sträuchern zunehmend verbuscht. Neben dem Mangel an Unterhalt, wurde ein Großteil des kulturhistorischen Erbes durch die Flurbereinigung in den 1970er Jahren zerstört. Eine Trockenmauer, die nach den Regeln der Kunst gebaut wurde, hält Jahrzehnte. Dank dieser Langlebigkeit und Stabilität des Trockenmauerbaus, finden wir immer noch eine große Anzahl an Trockenmauern entlang von Straßen, Flüssen, in der Landwirtschaft und im Weinbau, die unsere Landschaft prägen. Diese werden dem Druck von immer










schwerer werdenden Maschinen ausgesetzt. Trotz den Bemühungen die Mauern zu erhalten führt der Mangel an Fachwissen oft zu paradoxen Unterhaltsmaßnahmen (Beton, Mörtel, Pestizide, mechanische Arbeiten, …), welche anstatt den Zustand des kulturhistorischen Erben zu erhalten, es weiter zerstört. Das INTERREG VA Projekt „Trockenmauern in der Großregion" wurde gestartet um unser Erbe zu valorisieren, das Fachwissen zurückzubringen und Professionelle Mauerbauer in der Großregion auszubilden.

**Die goldenen Regeln im Trockenmauerbau**

- Fundament: 1/3 der Höhe der Mauer
- Neigung: 8-15 %
- Mauerkörper: konsequente Überbindung der Steine
- Durchbinder garantieren einen stabilen Verband in der Querrichtung
- Hintermauerung mit Entwässerung
- Mauerkrone mit schweren Decksteinen

Wenn Sie mehr über die alte Handwerkskunst erfahren möchten oder selber mit anpacken wollen laden wir sie zu den Workshops ein, die im Rahmen des INTERREG Projektes „Trockenmauern in der Großregion" angeboten werden. Zögern sie nicht die Botschaft über die Wichtigkeit des Erhalts unseres Kulturerbes an ihre Freunde, Kollegen, Nachbarn zu verbreiten. Die Biologische Station SIAS steht ihnen für weitere Fragen zur Verfügung:

Tel: 34 94 10 – 28
Mail: sias@sias.lu

DESCHTENNIS MEECHTEM
DT MEECHTEM 1967
bei eis steet de Spaass um Sport op éischter Plaz
de Kannertraining ass mëttwochs a freides vun 18:00 - 19:30 h zu Meechtem am Schliikebau
Wann dier oder är Kanner och Spaass um Dëschtennis hutt, da mellt iech beim Aly Toussaint um 661 623 713 oder mat enger Mail un toussaint@pt.lu

# FERIENZEIT ... ABER SICHER!
# LES VACANCES ... EN TOUTE SÉCURITÉ !

113 URGENCES NOTFALL

POLICE LËTZEBUERG

Die Zeit der Ferien naht und viele Leute verbringen Ihren Urlaub im Ausland!

Um eine böse Überraschung bei Ihrer Rückkehr zu vermeiden, gibt die Polizei Ihnen einige Tipps:

## DAS SICHERE HAUS


Überprüfen Sie die Sicherheitsvorkehrungen Ihres Hauses:

- Schließen Sie sämtliche Türen und Fenster.
- Schalten Sie Ihre Alarmanlage ein.
- Stellen Sie sicher, dass Ihr Haus einen bewohnten Eindruck macht.

## DIE POLIZEI WACHT

Informieren Sie die Polizei über Ihre verlängerte Abwesenheit und nutzen Sie den gratis Präventionsdienst “Ferienzeit” der Polizei.

Die Polizei wird gelegentlich Präventionsstreifen im Rahmen ihrer allgemeinen Überwachung, Tag oder Nacht, bei Ihnen zu Hause durchführen.



## ANMELDUNG

Scannen Sie den untenstehenden QR-Code oder besuchen Sie die Seite www.police.lu, Rubrik E-Commissariat / Ferienzeit.

La période des congés approche et beacoup de gens passent leurs vacances à l’étranger !

Pour ne pas subir de mauvaise surprise lors de votre retour, voici quelques conseils de la Police :

## LA MAISON SÉCURISÉE

Vérifiez les dispositifs de sécurité de votre domicile :

- Verrouillez les portes et fenêtres.
- Mettez le système d’alarme en marche.
- Faites en sorte que votre maison paraisse habitée.

## LA POLICE VEILLE

Informez la Police de votre absence prolongée et profitez du service de prévention gratuit de la Police « Départ en vacances ».

La Police effectuera des patrouilles de prévention occasionnelles dans le cadre de sa surveillance générale, de jour ou de nuit, auprès de votre domicile.

## INSCRIPTION

Scannez le code QR ci-dessous ou visitez le site www.police.lu, rubrique E-Commissariat / Départ en vacances.

### Service national de prévention de la criminalité

(+352) 244 24 4033
prevention@police.etat.lu
www.police.lu

Cité Policière Grand-Duc Henri
Complexe A, rue de Trèves
L-2957 Luxembourg

WWW.POLICE.LU ZESUMME FIR IECH





# DEMANDE DE PRIME POUR ELEVES ET ETUDIANTS

*Année d’études 2018/2019*

**LA DEMANDE AVEC UNE PIECE A L’APPUI EST A PRESENTER POUR LE 1er NOVEMBRE 2019 AU PLUS TARD**

(à défaut de la pièce à l’appui, celle-ci est à présenter pour le 31/12/2019 au plus tard)

Par la présente, je soussigné(e)

______________________________________________

(Nom) (Prénom)

Né(e) le ____________________ à ________________________

Adresse : ________________________L-______ ______________

(Rue) (N°) (Code post.) (Localité)

fréquentant **l’Ecole / Université** de ___________________________

**No de compte IBAN ________________________ Banque______________**

demande une prime d’encouragement pour élèves et étudiants.

Signature__________________ Date_______________________

**Réservé à l’Administration Communale**

- 75.00 € (Lycée) **(3/250/648330/99001)**
- 50.00 € (Ecole de Musique) **(3/836/648330/99001)**
- 125.00 € (Université) **(3/250/648330/99001)**

Demande accordée le par

***Le présent formulaire peut être téléchargé sous www.wormeldange.lu***




D'Entente huet d'Spenden, déi am Kader vu Kleeseschersdaag gesammelt goufen, un d'Association Wonschstäriwerreecht



Den Service Technique krut e Spindelmäher, deeb villsäiteg assetzbar ass, an och änner anerem fir grouss Flächen ze méihen, wéi z.B. d'Fussballfeld oder d'Esplanade



Den Här José Ferandes vun Ohn huet den 4.4.2019 seng 90 Joar gefeiert - De Schäfferot wor gratuléieren





## ADMINISTRATION COMMUNALE DE WORMELDANGE

95, rue Principale • L-5480 Wormeldange • email: secretariat@wormeldange.lu • www.wormeldange.lu

**HEURES D'OUVERTURE:** du lundi au vendredi de 09:00 à 12:00 et de 14:00 à 16:00
bureau de la population mardi 14:00 à 19:00

**ACCUEIL/RECEPTION**
76 00 31-1

**BOURGMESTRE ET ECHEVINS**

| | |
|---|---|
| Bourgmestre Max Hengel | 76 00 31 1 |
| Echevin Mathis Ast | |
| Echevine Martine Schmit | |

**SECRETARIAT**
Relations bourgmestre, collège échevinal, conseil communal, suivi du courrier et des procédures administratives

| | |
|---|---|
| Secrétaire communal, | |
| Jean-Jacques Hellers | 76 00 31 305 |
| Rédacteur Lynn Kettel | 76 00 31 317 |
| Rédacteur Sarah Reuter | 76 00 31 300 |
| Expéditionnaire Steve Neises | 76 00 31 307 |
| Téléfax | 76 84 92 |

**BUREAU DE LA POPULATION / ETAT CIVIL**
Fichier de la population, cartes d'identité, demande passeports, listes électorales, état civil, naissances, mariages, partenariats, divorces, décès, indigénat, naturalisations

| | |
|---|---|
| Christophe Theves | 76 00 31 301 |
| Téléfax | 76 84 92 |

**RECETTE**

| | |
|---|---|
| Receveur communal Godart Robert | 76 00 31 303 |

**SERVICE TECHNIQUE**

| | |
|---|---|
| Chef de service Joël Meyers | 76 00 31 306 |
| Claudia Bizzari | 76 00 31 355 |
| David Capaldini | 76 00 31 314 |
| Téléfax | 76 00 31 316 |

**PERMANENCES**

| | |
|---|---|
| Eau | 76 00 31 347 |
| Voirie | 76 00 31 349 |
| Bâtiment | 76 00 31 352 |

**CENTRE FORESTIER**

| | |
|---|---|
| Préposé du triage, Eric Dimmer | 77 08 65 |
| Téléfax | 77 07 32 |

**ECOLE FONDAMENTALE**

| | |
|---|---|
| Sinner Luc | 621355713 |

**MAISON RELAIS**

| | |
|---|---|
| Accueil | 76 00 03 300 |

**SERVICE D'INCENDIE ET DE SAUVETAGE**

| | |
|---|---|
| Schumacher Erny | 76 01 34 |

**POLICE WORMER**
244 71 200

## Den naue Fuedem 01/2019

**Editeur/Graphisme:** Administration communale de Wormeldange
**Rédaction sous la responsabilité du collège échevinal**
**Impression:** Imprimerie OSSA Niederanven
**Quantité d'impression:** 1300 ex
**Photos:** Carlo Rinnen, Fernand Dax, Guy Schmit, Norry Stoltz, TR-Engineering

FSC www.fsc.org MIXTE Papier issu de sources responsables FSC® C008551
OS PRINTED IN LUXEMBOURG
PERFORMANCE myclimate neutral Imprimé 01-18-878020 myclimate.org




Am Numm vum Schäffen- a Gemeenerot an alle
Mataarbechter wënsche mir Ierch eng schéi Vakanz!